DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gaul eiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

I. JAN. N° 45 So' secher we' ons Bierger wénken
Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken 1944.

BG 192

## Ons NEIJOHRSWÖNSCH fir 1944.

'T Johr 1943 ass eriwer gang oni ons 't Freihét ze brengen.
De Preiss besuddelt ömmer nach onse Bôdem, ass gemeng an arrogant wi jé, awer hirer vill ( a besonnescht dë un der Spötzt ) schlofen nömmen mat engem A zô, well t'Résistenz vun onse jonge Leit, an den algemenge Révoltegéscht machen hinen grôss Surgen.

Am Johr 1943 ass den Thermometer vun onse Misèren a Ploen weider stark erop gang . Onsen énzegen Trôscht wor, dat de preisesche Siegesthermometer am leschte Johr nach mê stark erof ass gang. Mir brauchen nömmen t'Haptétappen opzezêlen;

Tripolitaine- Tunis - Pantelaria - Sizilien - Salerno - Bari - Neapel - , nêwent dem Zesummebrech vum fasischtegen Italien.
An a Russland erêschtes Kursk - Orel - Kharkow - Smolensk - Kiew - Dniepropetrowsk - t' ganz Nord-a Westküst vum Asowsche Mihr, mat Rostov, an der Spötzt vum Kaukasus.
An um Mihr, wivill Ubooten si versenkt gin, wivill wêneger alliêrt Schöffer si verlur gang, an als Kröschtdagscadeau de Scharnhorst " .
An dann di söllechе Bombardementer vun Desenden vu preisesche Stêdt ;

Jo, wann och 1943 ons t' Befreiong nach net brûcht huet, dann ass ower fir 1944 t'Hoffnong erlabt, dat de Preiss döst Johr an de Stöps beisst. Seng Force hölt all Dag mê of, durch t'Mobilisatiôn vun ömmer mê preisechen Arbechter, durch t' Sabotagen vun de friêmen Arbechter, durch t Offnotzong vun alle Maschinen, durch den Dûd vun 6 bis 8 Milliônen gedrillt Zaldoten, durch den algemengen Zweiwel un de Sieg - an op der aner Seit, bei den Alliêrten hôllt t' Krichsproduktiôn Dimensiônen un, wi t'Welt se nach net gesin huet a wuvun t' Preisen iwerhapt keng Ahnong hun.
A si sollen gênt derarteg Preparativen könne Stand halen.;

Mir all wönschen dat de Jemecht vun der preisescher Débacle net mê

Mir all wönschen, dat de Moment vun der preisescher Débacle net mê zevill lang op sech warde lêsst, ewell t' physesch Widerstandskraft vun onsem Vollek lêsst, ~~ewell t'~~ ass no bal vêir Johr vu preisescher Märderpolitik zevill stark ugegraff. Ons Deportêierten an de Konzentratiônslageren packen et gescgwönn net mê, a speciell fir si, an di aner ,, frei " Deportêierten, a fir ons Jongen dê sech an der Frêmd bei Frönn oder an de Böscher verstoppen, wönsche mir vu ganzem Hirz, dat 1944 hir Erlêsong vun all déne Miséren soll brengen; Fir di jong Lëtzeburger, di völkerrechtswidrech an t' preisesch Armê gepresst si gin a sech fir onsen Erbfeind musse klappen, wönsche mir och ganz besonnescht, dat se gescgwönn a gesond erömm hém könne kommen.

Jo, wann den Dag könt, wu di trei Letzeburger erömm all ant'Hémecht zereck si kom, a ké knaschtege Preiss mê hei ass, da wärd e Jubel an eng Fréd an onsem Land ausbrechen, wi mer se nach nie erlîwthun, mais di mir durch de vêirjähregen Calvaire verdengt hun.
No der strenger Bestrafung vun de letzeburger Verêder a vun de preiseschen Dêf a Marterknêchten könne mir ons mat der Rekonstruktiôn vum Land no onsen égenen Idéen, ann der Rôh an ann der Freihét befassen.

Also weider nach Courage, mat dem dêwen Glawen un de Sieg am Johr 1944 .

---

Wann den Adolf t'bombardêert Stêdt besicht - - - - -
- - - - -get t' Sirène a Marsch gesat, fir dat ké Mönsch op der Stross ass .? ? ? . Dat nennt én Courage !

---

Letzeburger,
d'Stonn vun der Befreiong kennt ëmmer mè no; an de nächste Mount, wahrscheilech uffangs Frehjohr geht t'lescht Attack op t'Festong Europa lass. Onst Ländchen leit eso noh um Atlantikwall dass mer eventuell an t'Zon vun den militareschen Operationen falen, bestemmt lei'e mer over am Bereich vun den eschten strategeschen Objekten an do hescht et opgepasst, an elo schons seng Preparatione man, an alles vierbereden fir och iwer de schwe'er Zeit ze kommen.
Hei e pur Rotschlë.
Let iech eng Eise-Ration vun Liewensmettel un, an zwar alles Sachen die sech gut halen an de sech liecht zum Iessen prepare'ere lossen.
Sicht iech eng gut geschetzt Plâtz an erem Haus, an erem Keller oder an der Noperschaft ( a Böscher a Fielzen ) wur der am Fall vun direkten militareschen Operationen eventuell dég a wochelang bleiwe a liewe könnt.
Surgt fir Brennes; ( Holz - kuolen - Brennspritus etc ) fir Liechtes ; Kierzen - Petrol- etc ) a besonnescht fir Wasser sowuel zum Kachen we zum Weschen. Denkt dorun dass t'Preisen eventuell t' Elektrizitêts de Gaz an t'Wasserleitongen zerste'eren, dass Wochelang villeicht ken Zug, ken Tram ken Auto a ke Gefihr fuhre kann fir iech ze hellefen ,oder iech eppes ze brengen.- Denkt drun iech mat de Notwendegen Medecin a Verbandsmettel ze-versinn, a note'ert iech wo de nachsten Dokter bleiwt oder jidder aner Person de eppes dovun versteht an iech hellefe kennt.
Stellt all de Sachen a Reserven de der nedeg hut oder onbedengt rette wëllt ( Schreftsteker, Geld, Bijou'en a Valeuren ) handbered a gut verpackt eso dass der se jidderzeit greifbar hutt. Verstoppt eventuell dè Sachen el schons an engem sechere Schleff wo se net verdierwe kënnen.

C. W. O. II
C. 2 G. M.



mais vergiesst net ére Leit ze son wo, dat der alles erem fanne kënnt. bespriecht all de Sachen mat ere Leit a Frenn an och mat ere Noper dat der wesst wat sie machen an dat sie wëssen wat dir macht, so dass der er Proje'en co'ordone'eren an iech gegeseiteg hellefe kennt. Von allem sollen déjenech de me stark a raffine'ert sin de aner mat Rot ennerstetzen, Am Fall dat der an direkt militaresch Operationen falt, git net op t'Stross, bleiwt an eren Heiser a Kelleren, losst iech net durch ere Vierwetz vërleden iwerall mat der Nuos vir ze sinn. Mault net ze vill, a macht de Fraleit a Kanner keng Angscht, fir dat der all er Nerven a ere Kurage zesumme behalt. Get iech zesummen a behalt a verstoppte gudde Radioapparat, den och get wann t'Elektrizitèt ovgespart get, dir musst an dene zeiten onbedengt mat der Aussewelt a Kontakt bleiwen fir ze he'eren wat viergeht, a vun allem ze lauschteren wat ons Frenn am Ausland ons ze so'en a ze roden hun, mais passt op dat t'Preisen iech net no hierer bekannter Manna'er irfe'eren an iech falsch Neiegkéten an Urder gin-. ET ass meglech dat t'Preisen wann se zereck mussen, alles verschléfe wëlle wat se kënnen dat musst der och verhënneren, verstoppt alles wat der verstoppe kënnt, demonte'ert alles wat Rieder huet a wat sech demonte'ere lesst, siecht iech elo schons eng platz aus wo der ert Veh verstoppe kënnt, a a wnn et hart op hart geht da schlot liewer alles kaput we dass t'Preissen e Notsen draus hetten.
T'Haptsach ass ert Liewen an er Gesondhet, dé mussen virun allen erhale bleiwen.
Fir de Fall dat t'Preisen versiche sollten t'Jonge and t'Mansleit mat schlefen, da da wësst der jo wat der ze dun huet. Verstoppt iech oder laft dovun, macht elo schons er Preparatiounen.
Also nach eng Ke'er: Opgepasst, iwerlet iech alles am viraus, beret iech op alles vir, verle'ert net er Nerven.
Et wart schuet wann gerad an de leschten Dég eppes schief ging gon.
Vive Letzeburg.

---

Opgepasst:
Et gin emmer nach Letzeburger de mat de Preise sech a lang Gesprecher alossen, de an de Cafe'en mat en zesumme setzen an drenken, an de esogur mat preisesche Famij e verke'eren.
Bedenkt dass och de beschte Preiss nemme frendlech mat iech ass wan en eppes vun iech wöllt; a wann e mat iech schwatzt ass et nemme fir iech t'Wirem ze zehen an durno iech, ere Leit, an erem Land dat greest Ongleich ze dun;
Wivill Onglck huet ons allen schons en enzecht oniewerluecht Wuert brued
Also nach eng Ke'er: Ke Gesprech a ke Verkeer mat Preissen.

---

<u>Hunnen E'er</u>
A gro'ss-Dappland missen vun elo un d'Hunnen och E'er le'en. No der Verurdnong vum Chef der Zivicl-Verwltung sin fir all Hunn pro Johr 60 E'er ofzeliveren.
do bleift esoguer engem Hunn de Verstand ston.

---

Vive ons Granduchesse Charlotte.

Den

23.Januar ass fir all Letzeburger dohém an an der Friemd den Dag wu mir onser lewer Granduchesse Carlotte Hire Geburtsdag feiern; Ennert der jetzeger preisescher Tyrannei könne mir dat Fest Natierlech net feieren we mir dat vu jonk un gewinnt woren,mat Kanonendonner a Fâkelzug,mat Fiendel an Illumination;mat Tédeum,Banqué'en a ~~Rieden,mat~~ freiem Dag a freier Nuecht,mat sangen a Sprangen,an engem Wuert mer können des Ke'er emmer nach net onser Frèd no baussen freie Laf lossen; Mais dat kann ons net verhönneren desen Dag der Erennerong an Vere'erong onserer lewer Granduchesse desto dewer an onsen Hierzer ze feiern an ze begon.

Fir vill Leit ass et dest Johr e se'er trauregt Fest. Do sin der de schons Ment a Johren a Prisongen a Konzentrationslagern leien a Schmâchten,do sin a aner de we Sklaven a friem Uniformen gestach si gin fir gent hirt Land ze streiden a ze bludden,do sin dè,dè se mat Fra a Kanner aus dem Land verschleft hun,do sin och dè nach,all dè Mammen a Pappen,Schwestern a Bridder,Kanner a Kennercher de irgend een vun hire Leit betrauern,den seng Trei zum Land a senger Furstin mat sengem Liewen huet bezuele missen. An da könnt de gross Mass vun all den anneren Letzeburger de villeicht weneger Misèren matgemacht hun mais de allegurt un dem grossen Hierzeled leiden,dat hiert Land,hiert Hémechtsland ennert der Fauscht vun engem ~~rosene~~ rosenen,barbareschen Noper leiden a kreische muss.An de gut, al Letzeburger ob gross oder kleng,jonk oder al,arem oder reich ernei'eren un desem Dag hiren Ed, fest zu hirem Land - trei zu hirer Granduchesse ze ston an ze halen bis dass de Verhassten Erwfeind aus onser Hémecht verjoht ass.

Fir ons ass a bleiwt Granduchesse Charlotte ëmmer den Symbol vun onser Frihét an Onofhengegket,Sie ass t'Souveraine dë mat gudder Mammenhand Gescheck vun onser Hemecht léd,Sie ass bei ons geburen,Sie ass mat ons opgewuss a gross gin,Sie huet mat ons geliewt,glecklech an zefridden,an engem Wuert Sie wor emmer trei letzeburgesch ennert Letzburger Mir hun villeicht net de gresst an de mächtegst Souveraine, mais ass vun alle Majestäten an Altessen deser Welt,ass Sie bestëmmt dè lewst, de schenst an de treist.

Gené wi onst Ländchen : Kleng over reng.

An dofir mache mir haut an der Deft vun onsen Hierzer den hélege Wonsch dat Sie nach lang a glecklech iwer ons rege'ere soll,a mir bieden onser Herrgott dat en Sie an ons emmer beschötze soll.

Mir hoffen vu ganzer Sèl dat et ons bal erlabt ass Sie ons lew Granduchesse Charlotte an hir ganz Familjen,an hirer an onser Hemecht heihém begrëssen a bejubeln ze können.

Vive Charlotte,

vive Letzeburg.

===============================================

Tierquäler werden empfindlich bestraft.

---

Am Wort liese mir Artikelen mat deser an ähnlechen Iwerschreften. Mir hun ons mettlerweilen mat dene knaschtege Preisen u villes gewinne missen, mais dat de Schweihonn nach de Culot hun vun " Tierquälerei" ze schreiwen dat ass ders Gudden dach ze vill. Ir se vu Quälerei schwetzen, sollen se sech emol hir uniformeert sadistesch=Ubermenschen=ukuken, de' an der Villa Pauly, an hieren Konzert-Lagern zu Hinzelt an Dachau, an hieren anern Kulturzenteren ons Leit no allen a neien mat=deutscher Grundlichkeit wissenschaftlich durchstudierten Methoden=onnmenschlech quälen a folteren. An onsem Land sin d'De'eren nie eso' schrechlech behandelt gin we'de Säcktreher d'Menschen traite'eren.
Letzeburger, vergiesst dat nie;;.

---

Letzeburger, Courage an op t'Zenn gebass de Schönnerei kritt geschwönn en Enn.

---

Halo-Halo et presse'ert

Mir sinn Opké'fer vun Galgestreck, Guilliotinen, jé all Materiel vun Gerechtegskét=artikelen.
sech wenden un " Dengens Dëmmy " Letzeburg.

---

--- Bre'fköscht ---

(Vu Geld ass agangen)

| | | | |
|---|---|---|---|
| ✓Dat t'weist ........... | 50 Fr. | fir t'verstoppt Lètzeburger | 500 Fr. |
| ✓Rode Lew wach a lach .. | 100 " | Spirou .................... | 500 " |
| Tullepant ............. | 40 " | Anonyme ................... | 1000 " ✓ |
| ✓J.M. ................. | 100 " | Anonyme ................... | 1000 " ✓ |
| Kitoko ................ | 100 " | Fir ons Hémecht ......... | 1000 " |
| ✓Roosevelt ............ | 250 " | E gudde Letzeburger ..... | 1000 " ✓ |
| De rode Lew ........... | 200 " | id. vum selwechten ....... | 1000 " ✓ |
| ✓Fort mat en .......... | 250 " | Eng Quetschen ........... | 1000 " ✓ |
| Tarte aux Prunes ...... | 300 " | Spumante ............... | 1000 " ✓ |
| ✓De Rode Lew .......... | 500 " | En Ettelbreker an | 3000 " ✓ |
| Archimède ............. | 500 " | En Dikrecher | 2000 " ✓ |
| Archimède ............. | 500 " | id. de selwecht ..... | 1000 " ✓ |
| Cambacéres ............ | 500 " | ......................... | 1000 " ✓ |
| ✓Rodange .............. | 500 " | Eng gudd Partie Kléder | |

Bravo a villmols merci .

---

Helleft dem " Freie Letzeburger", an dir helleft lech selwer.

C. W. O. II
C. 2. G. M.

| | | |
|---|---|---|
| SCCACKI Julius | Arbeiter | Beckerich |
| SCHAUS Eugéne | Gastwirt | " |
| SCHLECHTER Franz | Landwirt | Reuler |
| THEIN Johann | Eisenbahner | Beckerich |
| ENGLER Johann | Lehrer | Holzthum |
| FABER Martin | Landwirt | Konsthum |
| HEINEN Peter | " | Heinerscheid |
| BACK Eugéne | Uhrmacher | Luxembourg |
| BARTEL Martin | Angestelt. | " |
| KOHL Jos. | Lehrer | " |
| MARX Georges | Kanzlist. | " |
| MUSEL Johann | | " |
| PEIFFER Jos. | Angestelt. | " |
| PONZ Math. | Werklehrmeister | " |
| PRUSSEN Julius | Proffessor | " |
| REIFF Nik. | Bäcker | " |
| ROSS Johann | Arbeiter | " |
| SCHMIT Nik. | Beamter | " |
| SCHWARTZ Heinrich | Schlosser | " |
| TONNAR Johann | Gastwirt | " |
| TRAUFFLER J.P. | Beamter | " |
| WALTER Peter | Hilfschafner | " |
| ZEYEN Johann | Schreiner | " |
| NICOLAYE JaKOB | Kolonialwaren | Rekingen-Mersch |
| RIES NIK. | Eisenbahner | |
| ROMMES Cäclia | Kolonialwaren | Hesperingen |
| SINNER August | Vertreter | Luxembourg |
| SCHWACHTGEN Fern. | Laborant. | Mersch |
| SPAUTZ NIK. | Rentner | Ernzen |
| VAN de VEKENE | Buchhändler | Luxembourg |
| WOLF Nik. | Landwirt | Bissen |
| BARTHELMY J.P. | Hotelier | Mersch |
| BERINGER Otto | Arzt | Walferdingen |
| DAMGE Kamill | Gastwirt | Fels |
| DAUHENFELD JOS. | Ingenieur | Mersch |
| EWEN Peter | Eisenbahner | Bissen |
| KOEPP Nik. | Frisör | Konsthum |
| REILAND Johann | Landwirt | Huldingen |
| RUCKEN Crist. | Arbeiter | Wemperhardt |
| SCHOLTES Johann | Landwirt | Alscheid |
| SCHRANTZ Emil | Sattlermeister | Ulflingen |
| SCHUMACHER Alois | Anstreicher | Vianden |
| STREICHER Johann | Landwirt | Asselborn |
| WEBER Nik. | Gemeindesekr. | Ulflingen |
| WERTHESEN Anton | Arbeiter | Vianden |
| WEINACHT TH. | Zahnarzt | Luxembourg |
| ALFONSETTI Romeo | Arbeiter | Dalheim |
| BECKER Jos. | Gastwirt | Greiveldingen |
| BERG Joh. | Eisenbahner | Mertert |
| FEHLEN Nik. | Landwirt | Dalheim |
| Wwe. KLEIN Maria | | Wormeldingen |
| KORDES August | Bäckermeister | Kanach |
| MUSEL Nik. | Arbeiter | Niederonven |
| REINEN J.P. | Landwirt | Böwingen |
| RONKAR J.P. | " | KAnach |
| MEYRER Nik. | " | Welfringen |
| PRUM Robert | Vers.Vertr. | Luxembourg |

Belgian War Press

"t Löscht vu onsen déporte'erten Familjen dè vè mir hoffen
mat dé'er lèschter eng ass.

| | | |
|---|---|---|
| FRIES J.P. | Gastwirt | Luxemburg |
| GEORGES P. | Mechanikerm | " |
| GEORGES J. | " | " |
| GERTGEN J. | Eisenbahner | " |
| HEIM PAUL | Bankprokurist | " |
| MAMBOURG Franz | Burovorsteher | " |
| NILLES Alf. | Ankerwikler | " |
| NILLES J.P. | Gastwirt | " |
| RIES Nik. | Hausmeister | " |
| WEBER Peter | Schneider | " |
| WALDERSKIRCH | Ofenmaurer | " |
| WOLF MARTIN | Gastwirt | " |
| BRUCH Johann | Kassierer | " |
| BUCK Victor | Devisenberater | " |
| CLEMS Johann | Lehrer | Beggen |
| EWERT KARL | Waldarbeiter | Schönfels |
| ECK Peter | Strassenarbeiter | Heffingen |
| FISCHBACH Valintin | Landwirt | Hassel |
| Wwe.FRISING Barb. | | Rameldingen |
| GROFF Robert | Oberbahnwart | Bartringen |
| LENTZ Franz | Schlosser | Helmsingen |
| MAYER Emil | Prokurist | Luxembourg |
| REHLINGER Michel | Schneidermeister | Mersch |
| SCHUMACHER Nik. | Schriftsetzer | Luxembourg |
| SIREFF Peter | Schrankenwärter | Bartringen |
| THEISEN Johann | Eisenbahnbeamter | Lux.Gasperich |
| WELTER Peter | Huttenarbeiter | Lorentzweiler |
| WEIS J.P. | Landwirt | Schönfels-Mersch |
| BARTHOLOME Karl | Schumacher | Klerf |
| BARTHOLOME Wilhelm | Eisenbahner | " |
| BELFORT Alfred | | " |
| Becker Johann | Landwirt | Dahl |
| BOCK Heinrich | " | Asselborn |
| Wwe.BRACONNIER H. | | Marnach |
| HAMES Leo | Hotelier | Klerf |
| HAMES Nik. | " | " |
| KAUFMAN Th. | Landwirt | Asselborn |
| REITZ Nik. | L " | Enscheringen |
| HAMES Jos. | Apotheker | Luxembourg |
| SCHOLTES Georges | Lehrer | Klerf |
| TOUSSAINT Jos. | Wegewärter | Marnach |
| HENGES Eduard | Bäckermeister | Ettelbruck |
| HESSE Dominik | Landwirt | Schweich |
| MEDERNACH Jos. | Eisenbahner | Diekirch |
| MEIER Nik. | Landwirt | Merscheid |
| MERGEN Peter | " | Oberfeulen |
| MERGEN Philipp | Arbeiter | Merzig |
| RECKINGER Paul | Angestelter | Diekirch |
| SCHLIM Joh. | Landwirt | Niederfeulen |
| STIEBER Anton | Eisenbahner | Reisdorf |

C. W. O. II C. 2 G. M.
Belgian War Press

| | | |
|---|---|---|
| WITRY Peter | LANDWIRT | Gilsdorf |
| ZENTER Michel | " | Stolzembourg |
| APEL Nik. | Schmied | Petingen |
| BERTEMES Alois | Arbeiter | Krauthem |
| BISDORFF Joh. | " | Dudelingen |
| GOERRES Albert | " | Differdingen |
| HIPPERICHEN Georges | " | Esch s/a. |
| HONNERT J.P. | Bahnleger | Differdingen |
| KREMER Peter | Schuhwaren | " |
| MINES Reinhard | Grubenbesitzer | Rodingen |
| RISCHARD Wilhelm | Schlosser | Dippach |
| SCHILTZ Jos. | Landwirt | Biwingen |
| Wwe. SCHLINK Kath. | | Petingen |
| WAGNER Johann | Bergmann | Rumelingen |
| Wwe. WEALER Suz. | | Dudelingen |
| KUGEL Maria | Friseuse | Esch. s/a. |
| REISCH Adolf | Arbeiter | Differdingen |
| BACK Johann | " | Bous |
| BERKES J.P. | " | Grevenmacher |
| EWEN Jakob | Schmied | Berdorf |
| Wwe. KIMMEL | | Wasserbillig |
| LUDOWICY Nik. | | Echternach |
| PUNDEL Leonh. | Winzer | Wormeldingen |
| SCHAFFNER Gustav | | Echternach |
| SCHAFFNER Jos. | Schmied | " |
| ZECHES Bern. | Werkmeister | Helmdingen |
| FEIT Peter | Beamter | Mersch |
| MERGEN Michel | Gastwirt | Bissen |
| MULLER Wilh. | Eisenbahner | Mersch |
| DAHM Johann | LANDWIRT | Selscheid |
| FELLENS Nik. | " | Bögen |
| FISCHER Eugéne | Bäcker | Diekirch |
| INFALT Konst. | Gastwirt | " |
| KIES J.P. | Sekr. d. Heilanst. | Ettelbruck |
| LAMPERT Peter | Elektriker | Wiltz |
| LENTZ J.P. | Lanwirt | Pintsch |
| Wwe. MICHAUX El. | | Ettelbruck |
| MOLITOR JOhann | Gastwirt | Bögen |
| Wwe. PIERHARD Maria | | Wilwerwiltz |
| SERRES JOS. | Landwirt | Selscheid |
| SCHLESSER Paul | " | Knabhoscheid |
| SCHMITZ Jos. | " | Heinerscheid |
| SPAUS Michel | " | Trotten |
| STORN Peter | " | Knabhoscheid |
| TURMES Nik. | Gastwirt | " |
| ARENDT Kath. | Landarbeiter | Pommerloch |
| GOTTFRIED Michel | Landwirt | Lullingen |
| HOSCHEID Franz | " | Baschleiden |
| KARELS Jos. | Gastwirt | Ischpelt |
| KORDING Michel | | Rullingen |
| LENTZ Kaspar | Landwirt | Nocher |
| MERSCH Jos. | " | Brachtenbach |

Belgian War Press